

Lëtzebuerg, den 30. Mäerz 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,


Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung weiderzeleeden:

„An der Press stoung ze liesen, datt d'Ofrappe vun der Ettelbrécker Gare gestoppt ginn ass wéinst de Schmuebelen, déi de Moment do bréien.

An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung folgend Froe stellen:

- Wéi ass et méiglech, datt eréicht elo erkannt gouf, datt et an der aler Gare Schmuebelsnäschter gëtt?*
- Wéi vill Näschter sinn hei betraff?*
- Wéi laang wäert et lo daueren bis datt de Chantier weidergeet?*
- Sinn nach aner Déiere vun dëser Ofrappaktioun betraff? “*

Mat déiwem Respekt,



André BAULER
Deputéierten

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu